# Précoce : Mir schaffe mat « Beautiful Stuff » !

Géint Chrëschtdag kritt jidder Kand eng Tut mat heem, wou et mat sengen Elteren zesumme säin eegenen „Beautiful Stuff“ sammelt. Dat kënne Flätschen, Stëpp , blénkege Pabeier, Muschelen, Pärelen, Knäpp sinn….all Material wat d’Kand entdeckt, him gefält an net geféierlech ass.



Zesumme pake mir an der Schoul eis Tuten aus, ënnersichen, schwetzen doriwwer, sënneren a raumen, jee no Faarf, jee no Material…Dat gëtt vill Getässels a verlaangt oft Geschéckerlechkeet.



Mat eisem „Beautiful Stuff“maache mir flott Collagen , wéi z.B. d‘ Chrëschtbeemercher di dir op der Foto gesitt. Dat ass eng interessant kollektiv Aarbecht bei där d’Kanner zesummen hire „Beautiful Stuff“ erëmerkennen a verwäerten.



Dat ass eng ëmweltbewosst Aarbecht mat Recyclage.



Och an der Natur, am Bësch an am Parc sammele mir „Beautiful Stuff“: eidel Schleekenhaiserchen, Eechelen, Bengelcher, Bamschuelen, Moos…an domatter bastele mir och.

Dëst baséiert op REGGIO Pädagogik a fuerdert d’Kanner an all Kompetenzen.

Josée, Christine a Monique